

Här Claude WISELER
Chamberspräsident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 17. Abrëll 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Betreffend d’Autorisatioune fir Bauten an Aktivitéiten an der Gréngzone géife mir dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit gäre folgend Froe stellen :

- *Wéi vill Autorisatioune fir Bauten an der Gréngzone goufen an de leschte 5 Joer ugefrot, gestaffelt no verschidde Secteuren (Landwirtschaft, Wäibau, etc.) ?*
- *Wéi vill Gebailechkeeten goufen am legalen Delai vun 3 Méint autoriséiert ?*
- *Wéi vill Autorisatiounsmandë goufe refuséiert ?*
- *Wéi vill Dossieren hunn den Delai vun 3 Méint iwwerschrott ?*
- *Wéi vill Dossieren hu keng Äntwert kritt ?*
- *Wéini gedenkt den Här Minister de Prinzip vum „silence vaut accord“ bei den Autorisatiounsprozeduren anzeféieren ?*
- *Betreffend d’Bauten an der Gréngzone, kann den Här Minister hei confirméieren, datt sech beim Traitement vun den Dossieren exklusiv op déi juristesche Dispositiounen, déi d’Naturschutzgesetz beinhalt, baséiert gëtt ?“*

Mat déiwem Respekt,



Luc EMERING
Deputéierten



André BAULER
Deputéierten